



ripevus

ZEITUNG VUN DER GEMENG USELDENG

RIPPWEILER → IEWERLENG → USELDENG → SCHANDEL

No. 1 / 2008

Inhaltsverzeichnis

Zeitung vun der Gemeng Useldeng No. 1 / 2008

- [03] Respekt
- [04] Een Abléck an d'Useldenger Maison Relais
- [05] Zeitreise in die Vergangenheit
- [06] Naturquiz
- [07] Chorale Everlange
- [08] 40 Joer Gesank
- [08] BigFriends Cabaret Useldeng
- [10] 1. Hëllef-Dag an der Useldenger Schoul
- [12] Extrait du registre aux deliberations du Conseil Communal
- [14] 20 Joer Paschtouer Mathieu Janssen an eisen Dierfer
- [16] Espoir 2008
- [17] 3. Ouschtermaart
- [18] Musikalische Highlights der Spitzenklasse
- [19] Relais pour la vie
- [20] Kommioun 2008
- [21] Commune-Art
- [22] Vom Mühlenrad... zur modernen Wasserkraftanlage in Useldingen
- [23] 112. Generalversammlung der Harmonie Useldeng
- [25] Genderhaus-News
- [26] Bamschnëttcours fir Uebstbeem
- [27] Gala-Concert 2008 vun der Harmonie Useldeng
- [27] Happy Birthday
- [28] Foto vu fréier
- [29] Auf den Spuren natürlicher Gewässer
- [30] Syndicat d'initiative
- [31] Ee Veräin ännert säin Numm!
- [31] Useldingen - Grouss Botz
- [32] Den Useldenger Camping, gëschter an haut ...
- [34] 50 Jahre Cercle Luxembourgeois de Vol à Voile - CLV
- [35] Nouveaux formulaires pour la location des salles communales
- [36] Sportifs méritants
- [37] Village Fleuri 2008
- [38] Manifestatiounskalenner

Foto Cover: Claude Bach / (Merci Jackie Weber-Messerich)



Respekt

An eiser Gemeng (oder ënnert deene Leit, déi dacks duerch eis Gemeng fueren) siche mer eng Persoun:

- *Déi Persoun huet keng Poubelle doheem.*
- *Déi Persoun drénkt gär Bitburger Béier (aus der 0,5l-Béchs).*
- *Déi Persoun mengt, dass laanscht déi al Schwebecher Strooss e grouse Recyclingpark ass.*

Bei der grousser Botz goufe laanscht deen ale Schwebecher Wee ronn 100 Bitburger-Hallefliterbéchse gesammelt. An de leschte Woche leien nach ëmmer regelméisseg nei Béchse vun där Zort an de Wisen a Felder, déi vun e puer vun eisen Awunner ëmmer erëm opgeraf ginn.

Wann der elo no der Lektür vum Ripevusch dës Persoun doheem bei lech an der Buedzëmmer am Spigel gesitt, da sot där Persoun: E bëssche Respekt w.e.g ■

Jane Hansen

Een Abléck an d'Useldenger Maison Relais

Text: Karin Zians, Gilles Develter

„Maison Relais“? Esou ginn allgemeng d'Accueilstrukture bezeechent, déi eng Gemeng fir d'Schoulkanner bausst der normaler Schoulzäit zur Verfügung stellt.

Di Useldenger Maison Relais ass zënter September 2007 während de Schoulzäiten all Dag vun 11h30 bis 18h00 op. An de Schoulvakanz ginn d'Kanner vun 7h30 bis 18h00 betreit.

Op déser Plaz wollte mir lech e bëssen iwwert eisen Alldag verzielen: Ëm 11h45, also direkt no der Schoul, treffe sech 15-20 Kanner tëschent 4-12 Joer, déi zesummen an d'Kantinn iesse kommen. An der Kantinn ukomm, decken 3 Kanner d'Dëscher. Déi aner ginn op d'Toilette hir Hänn wäschen, eier si sech un den Dësch setzen. D'Lissy huet d'lesse scho fäerdeg, sou datt mir direkt lassleeë kënnen.

Mir sëtzen a kleng Gruppen um Dësch a kënnen esou vun der Geleeënheet profitéieren, alles z'erialize wat mir de Weekend oder an der Schoul erliewt hunn. Eng vun eise Regele seet, datt mir vun allem schmaache sollen, wat mëttes zervéiert gëtt. Dobäi entdeckt deen een oder aneren dacks Saachen, déi -anescht wéi geduecht - jo awer net esou schlecht sinn. Géint 12h40 hu mir fäerdeg giess an duerfen zesumme spillen. Mir maache Gesellschaftsspiller, Bastelaktivitéiten, ginn an d'Turnhal oder an de Schoulhaff... Mir hunn och schonns selwer Pizza gebak, déi mir dann zesumme giess hunn oder Kichelcher a Popcorn gemeet, déi mir mat an d'Paus duerfen huelen.

No der Schoul ëm 16h00 kommen déi Kanner an den Accueil, deenen hir Elteren nach op der Aarbecht sinn. Zousätzlech hu mir ee Grupp vu Kanner, déi bei den Hausaufgabe gehollef kréien. Ir mer mat der Aarbecht ufänken, iesse mir eng Klenggeek.

An de Schoulvakanz ginn d'Kanner ageschriwwen, wann d'Elteren schaffe sinn oder een anere Rendez-vous hunn. Mir profitéieren an där Zäit vun der Geleeënheet, fir aner Aktivitéiten ze maachen, z.b. Sortien an d'Schwämm, op d'Äispist, grouss Trëppeltir ... Et ass awer lo net esou, dass all Vakanz ee ganzen Aktivitéitsprogramm op d'Bee gestallt gëtt, wou d'Kanner sech kéinten je no Intressi aschreiw.

An deem Kontext verweise mir op d'Vekandenaktivitéiten fir all d'Kanner aus der Gemeng, déi während verschiddenen Nomëtteger an der Zäit vum 21.07. bis den 01.08.2008 organiséiert ginn.

Dënschdes an Donneschdes nomëttes während der Schoulzäit, an all Dag an de Vakanz, begéine mir Kanner aus der Préizerdaler Gemeng. Et ass nämlech esou datt d'Gemengen Useldeng a Préizerdau decidéiert hunn, an der Opbauphase vun der Maison Relais zesummenzeschaffen fir esou ee méi effektive Service kënnen unzébiden. Fir eis bedeit dat eng flott Afwiesslung bei där mir och aner Kanner kenneléieren.

Dir gesitt, mir hu vill um Programm an et gëtt eis nach su bal net langweilig. Jiddereen deen elo virwëtzeg ginn ass an eng Kéier wëllt bis laanscht kucke kommen, ass häerzlech wëllkomm!

Fir weider Renseignement erreicht Dir eis och um T 26 61 14 - 50 oder iwwer Email op maisonrelais.useldange@ecole.lu

Karin, Fatima & Lissy ■

Als Afschluss hu mir nach eng kleng Aufgab fir lech. Mir sichen een Numm fir eis Maison Relais a wiere frou, wann Dir (Grouss a Kleng) eis Är Proposen direkt an der Kantinn oder iwwer E-Mail giffst zoukomme loossen. Am Viraus ee grouse Merci fir all Participatioun!



Zeitreise in die Vergangenheit.

Fernand Rossi

Useldeng am Mettelalter

Am Wochenende vom 14.06. und 15.06.2008 wird Useldingen während zwei Tagen eine Zeitreise in die Vergangenheit antreten.

Angespornt vom großen und unerwarteten Erfolg der ersten Auflage war für die Useldinger Härenéquipe zu keiner Zeit eine Wiederholung dieses Spektakels in Frage gestellt. Im Gegenteil, es wurden keine Mühen und Kosten gescheut das Mittelalterfest weiter auszubauen um dem Publikum an zwei Tagen interessante und aufregende Darbietungen zu präsentieren.

So zum Beispiel der aus Frankreich stammende Jongleur und Gaukler „Cornebidouille“ der eine Bereicherung für jeden Mittelaltermarkt darstellt. Auch in Useldingen wird er eine der Hauptattraktionen sein. In guter Erinnerung ist auch noch die Viandener Ritterschaft „Milites Vienenses“ die letztes Jahr mit ihrer Präsentation von Schaukämpfen begeistern konnten. Dieses Jahr werden sie zusätzlich ein Zeltlager auf dem Wiesenareal in der Everlingerstraße errichten, wo auch Handwerker ihre Künste und Händler ihre Waren anbieten werden.

Gaukler, Clowns, Feuerspucker und Zauberer werden die kleinen und jüngeren Besucher bestimmt begeistern. Die „Wanderwinde“, die Troubadours d'Aliénor und Fabula der wilde Sackpfeifer werden für die musikalische Untermalung des ganzen sorgen. Der Dorfkern wird dieses Jahr komplett in das Spektakel mit einbezogen. Über das ganze Gelände verteilt werden Weber, Gerber, Schmuckhersteller, Schmiede, Keramikhersteller, Filzer, Emailgießer usw. ihr handwerkliches Können wie in längst vergangene Zeiten vorführen. Große Beachtung dürfte auch Fossi, der Gabelkönig finden. Mit seinem Troß schmiedet er an Ort und Stelle authentischen, keltischen Schmuck und Amuletts. Mit seinem Auftreten und Aussehen wird wohl ein jeder Fossi, den Gabelkönig nicht von einem echten Kelten unterscheiden können.

Auch das Warenangebot das von Wurstwaren über Gewänder, Öle, Gewürze, Lederwaren Schiefertafeln, Keramik, Schmuck, Holzspiel-sachen usw. reicht ist sehr vielseitig.

Für das leibliche Wohl werden nebst den traditionellen Grillspezialitäten am Samstagabend Bauernschmaus und am Sonntag zur Mittagszeit Spanferkel angeboten werden. Natürlich darf Met und Spezialbiere im Angebot nicht fehlen.

Der Wegzoll beträgt 5 Europäische Tahler. Kinder unter 12 Jahren haben freien Eintritt.

Un petit aperçu sur les attractions

- ✦ Cornebidouille, dans la pure tradition médiévale (F)
- ✦ Milites Vienenses, Campement, démonstration combat (L)
- ✦ Wanderwind (Mittelalter-Musik, Gaukelei, Jonglage Zauberei, Kinderanimation) (D)
- ✦ Les Troubadours d'Aliénor, Musique médiéval, (B)
- ✦ Kato, der Feuerspucker (L)
- ✦ Fabula, der wilde Sackpfeifer (D)
- ✦ Fossi, der Gabelkönig (Keltenschmiede, Keltenschmuck) (D)
- ✦ Mäuseroulette, Clownerie, (L)
- ✦ Démonstration Tir à l' Arc
- ✦ Handwerk / Artisanat
- ✦ Weberei, Gerberei, Keramik-Vorführung, Schmuckhersteller
- ✦ Sculpteur-Fondeur d'Etain, Filzerei, Laternenmacher, Seilbinder, Waffenschmiede, Staater Schmatten
- ✦ Händler, Forains
- ✦ Gewänder, Schmuck, Holzskulpturen, Holzspielsachen
- ✦ Keramik, Kräuter, Honig, Bogenverkauf, Spéologie
- ✦ Cidre, Vins liqueurs, Cornes, Huiles, Fromagerie, etc.
- ✦ Useldenger Crêperie; Fierkel um Spieß, Bauernschmaus, Grill traditionnel, Spezialbéier, Met
- ✦ Samstag Abend: Fackelzug

Änderungen bzw. Ergänzungen vorbehalten.■

Sinn d'Leit aus der Gemeng Uselding (dacks) am Bësch?

(Deel 1)

Hei e kleng Foto-Quiz zu de Bëscher aus der Gemeng Uselding.

Déi Leit, déi vill zu Fouss ënnerwee sinn, resp. déi en A fir d'Natur hunn, wäerten de folgende 4 Fotoe bestëmmt déi richteg Bësch- oder Flouerbezeichnung kënnen zouerdnen.

Hiweiser zu de Fotoen:

zu A): an der Atert sinn Inselen ze gesinn

zu B): en Auto-Pedestre geet doduerch

zu C): am Süd-Osten vun der Gemeng

zu D): d'Foto ass vun der Nopeschgemeng aus gemeet

Well de Vull vum Joer 2008 d'Tureil (Schleiereule) ass, kritt de Gewënner vum Quiz eng Eilekëscht geschenkt. Mir beroden lech, op dat bei lech doheem Sënn mécht, soss kritt Dir eng aner Nistkëscht als Präis.

Gitt Är Äntwerte w.e.g. schrëftlich, mat Ärem Numm, Adress an Telefonsnummer, bis den 1. Juni op folgender Adresse eran:

LNVL Kanton Réiden
c/o Gérard Anzia
20, route d'Arlon
L-8706 Uselding

oder per Fax op den 26 61 00 26, oder per e-mail un:
gerard.anzia@education.lu.

Bei méi richtigen Äntwerte muss d'Lous entscheeden.
Vill Spaass beim Matmaachen! ■



Generalversammlung 2008 vun der Chorale Ste Cécile Ieverleng



Den 12. Januar 2008 haten sech d'Memberen an d'Frënn vun der Chorale Ste Cécile Everlange am Proufsall vun der Chorale fir hir alljärelech Generalversammlung afonnt. De Präsident Fernand Even huet de Buergermeeschter Pollo Bodem, de Paschtouer Mathieu Janssen wéi och all d'Memberen häerzlech begréisst. No enger Gedenkminutt fir e gudden Frënd, Sänger a Comitésmember, de Jos Schmit, huet de Präsident all de Memberen an dem Här Paschtouer Merci gesot fir hire groussen Engagement am Laf vum leschte Joer, an de Wonsch ausgedréckt, dass och am Joer 2008 dee selwechten Engagement sougutt an de Prouwe wéi och an de Masse bestoe sollt bleiwen. Bei der gudder Entente am Veräin an der gudder Laun an de Prouwen dierft dat och kengem vun de Membere schwéier falen.

De Fernand Even huet natierlech och erëm e grouse Merci un de Buergermeeschter a säi Gemengerot formuliert, et ass jo schliisslech keng Selbstverständlechkeet, dass een esou gutt Conditounen huet fir seng Aktivitéit als Veräin ze realiséieren, hei also e besonnesche Merci fir dee flotte Proufsall an den alljäreleche Subside vun der Gemeng.

Den uschléissenden Aktivitéitsbericht 2007 gouf de Memberen an der Generalversammlung a schrëftlecher Form ausgehännegt an ass och um Internetsite vun der Gemeng nozeliesen oder erofzelueden. (www.useldeng.lu)

De Sekretär Raoul Schaaf huet dofir och just e puer staark Momenter am Aktivitéitsbericht ervirgehewen, Detailler kënnen déi Interesséiert sech am geschriwwene Bericht ukucken. Bei der uschléissender Präsentatioun huet de Caissier Léon Rach wéi schonn esou oft eng gesond finanziell Situatioun präsentéiert, an déi zwee Caisserevisoren Marie-Jeanne Wantz an Anny Elsen hunn dem Caissier eng feelerfräi an exemplaresch Comptabilitéit bestätegt.

Bei dem Ausbléck op de Programm vun 2008 kann ee villäit aus de sëllegen Aktivitéite vun der Chorale der zwou e bësschen ervirhiewen. Et ass dat de Plang, dass am leschten Drëttel vun 2008 d'Radiosmass aus der Kierch zur Ieverleng iwwerdroe soll ginn, gesonge vun eiser Chorale. An eng weider méi ausseruerdentlech Aktivitéit ass dann déi aktiv Participatioun un der Porte Ouverte vun de Veräiner, wou sech d'Chorale a gesanglecher Form wäert präsentéieren. No der deelweiser Neiweel gesäit de Komitee vun der Chorale esou aus: Fernand Even, Präsident ; Carlo Philippe, Vizepräsident ; Léon Rach, Caissier ; Raoul Schaaf, Sekretär. Weider Memberen am Komitee: Néckel Eichenseher, Monique Heynen a Sylvia Kieffer. Dirigent ass weiderhin de Fernand Even an als Organist steet de Carlo Phillipe wéi och déi vergaange Joren zur Verfügung.

Dëst Joer waren dräi Sänger a Sängerinnen un der Rei fir eng Auszeechnung aus den Hänn vum Buergermeeschter an dem Här Paschtouer entgéint ze huelen, et sinn dëst: d'Anny Elsen, Sëlwermedaill fir 23 Joer Aktivitéit, d'Monique Heynen, Sëlwermedaill fir 23 Joer Aktivitéit an de Fernand Even, Sëlwermedaill fir 21 Joer Aktivitéit. Deenen dräi nach eng Kéier eis häerzlech Gratulatiounen.

Bei den ofschléissende Wiederer vum Här Buergermeeschter huet de Pollo nach eng Kéier de groussen Engagement vun de Membere vun der Chorale ënnerstrach, déi gutt Féierung vum Veräin gelueft an dem Präsident nach weiderhi vill Erfolleg bei senger Missioun gewënscht.

An och den Här Paschtouer huet sech et a sengem Schlusswuert net huele gelooss, op déi gutt Zesummenaarbecht mat der Chorale hinzeweisen. Hien huet sech ganz frou an zefridde gewisen, dass d'Chorale bei allen Asätz am Joer, an et sinn der vill, praktesch ëmmer vollzieleg ass, an esou zur Verschéinerung vun de Massen an de Feierlechkeete bäidréit.

De Präsident huet uschléissend d'Generalversammlung opgehewen, an d'Memberen invitéiert bei engem gesellegenessen den Owend auskléngen ze loossen. ■

Chorale Ste. Cécile Everlange

40 Joer Gesank

Fir 40 Joer Dingscht am Gesank huet d'Odile Frank-Tobes d'Goldmedaille mat Palmettë vun der Union St Pie X iwwerrecht kritt.

D'Odile war 9 Joer an der Chorale vun Chrëschtnech an ass lo schonns 31 Joer an der Chorale vun Useldeng. ■



BigFriends Cabaret Useldeng

Text: Claude Boudler

Le port des pêcheurs

Sylvester 2007, 3 Joer no der leschter Show „Grand Hotel“, stoungen d'Akteure vu BigFriends Cabaret Useldeng erëm op der Bühn, fir hir nei Show, déi dëst Joer ënnert dem Numm „Le port des pêcheurs“, gläich fënnef Mol opzeféieren.

Fir dëse Projet war erëm eng Kéier e groussen Opwand néideg, wéi den Numm et seet, huet sech alles op engem Hafem ofgespillt, also hu mir eisem Bühnenarchitekt Ady Krier den Optrag ginn, eis eng Bühn z'entwerfen, déi een Hafem soll duerstellen. Fir d'Organisatioun vun der Show hate mir eis d'Aarbecht an 3 grouss Equipen opgedeelt: eis Showequipe, un der Spëtzt d'Regisseure Stephie Reichert an Thierry Bodem, war zënter März 07 amgaangen um Programm ze schaffen, d'Organisatiounsteam, ënnert der Leedung vum Paul Reding, huet am September hir Aarbecht ugefaangen an d'technisch Equipe vum Claude Boudler huet Mëtt Dezember ugefaangen, dem Ady säi Projet vum Hafem an d'Realitéit ëmzesetzen, kuerz virum Joreswiessel hat Useldeng een Hafem, un der Atert, de Port des Pêcheurs. Parallel zu dësen Aarbechten sinn natierlech am November/Dezember och d'Prouwe gelaf. Et war haart, mee schéin, an d'Resultat huet sech weise gelooss, fënnef Mol si mir opgetrueden, d'Première war wéi ëmmer op Sylvester, 4 weider Soiréeë waren op den éischten 2 Weekender am Januar 2008. All eis Virstellunge waren ausverkaaft, gutt 1.200 Leit hunn sech d>Show ugekuckt.

Eise Cabaret huet an 3 Akten d'Liewen op engem Hafem erzielt, wéi ëmmer mat Hëllef vu Musek, déi dëst Joer erëm aus enger gudder Mëschung vu méi alen Titelen, ville franséischen „Chansons“, am zweeten Deel eng gutt Partie Filmmusek bis hin zu ganz modernen Charthits, dës haaptsächlech am 3. Deel. Ugefaangen huet d'Geschicht mat de Fëscher, déi mueres fréi op den Hafem komm sinn, fir hiert Brout ze verdéngen, am 2. Deel hate mir et ënner anerem mat Piraten ze dinn, den 3. Deel huet opgehale mat interessante Personnage an den Hafespelunken.

No der Show ass virun der Après-Party, do ass op deene 5 Owender nach bis an de fréie Muere weidergefeiert a gedantz ginn, an et goufen och schonn éischt Pläng gestréckt, wat mir dann op engem nächste Cabaret presentéieren. E grouse Merci un all déi Leit, déi fir „Le port des Pêcheurs“ am Asaz waren, a wéi soe mir ëmmer: Bis d'nächste Kéier, am Cabaret.

Erënnerungen an Impressiounen vun der Show hei an engem klengen Fotoreportage →



1. Deel, d'Fischer kommen op den „port des pêcheurs“



3. Deel huet ugefaange mat den „Pirates of the Caribien“ ...



2. Deel, d'Veelharmoniker dierfen nit feelen, dést Joer a Matrousentenne an hir weiblech Konsorten aus der Navy



... wou sech „sexy Ladies“ an „ganz gelunge Gesellen“ erëmgedriwwen hunn.



... d'Aarbechter, keng Staatsbeamten ...



Dat war eis Show „Le port des pêcheurs“ ...

1. Hëllef-Dag an der Useldenger Schoul

Text: Monique Barthel, Gilles Develter

Am Kader vun der traditioneller Gesondheetswoch, déi dëst Joer vum 15. bis den 21. Mäerz zu Useldeng an der Schoul organiséiert gouf, haat eis Reliounsjoffer, d'Monique Barthel, een 1.Hëllef-Dag fir d'Schoukanner an d'Léierpersonal op d'Bee gestallt.

D'Zil vun dësem Dag war engersäits, datt d'Léierpersonal hir Kentnisser an der 1. Hëllef konnt oprëschen fir esou an engem Noutfall de Kanner fachgerecht hëllef ze kënnen. Anerersäits sollten och d'Kanner ermontert ginn, an enger Geforesituatioun Hëllef iwwert den 112 erbäizeruffen. Si sollten och d'Gefill vun Hëlleflosegkeet an evt. Beréierungsängscht afbauen an esou erkennen, wéi gutt si an engem Noutfall selwer scho kënnen Hëllef leeschten.

Eis Jofferen a Schoulmeeschteren hunn dee ganzen Dag iwwer selwer d'Schoulbänk gedréckt vu wou aus si dem Instrukter Marc Portzen opmierksam nogelauschtert hunn. Dat war och néideg wéll um Enn vum Dag hu si missten a konkreten -zwar nogestallten mee trotzdem ganz realistesch- Noutfallsituatiounen hirt Kënnen ënner Beweis stellen.

D'Schüler a Schülerinne sinn déi Zäit vu ronn 30 Leit aus dem Fachberäich 1. Hëllef duerch den Dag begleet ginn. Um Programm stoungen an deene verschiddene Klassen ënner anerem folgend Aktivitéiten:

- Virtrag iwwert d'Zentral vum 112: Wéi ruffen ech Hëllef erbäi?
- Rally: Wéieng 1.Hëllef-Virrichtunge ginn et an eisem Gebäi?
- Film: Wéi hëllef de Pompjée an den Ambulancier?
- Spill: Wat gehéiert an een 1. Hëllef-Koffer?
- Visite vun der Ambulanz: Ofbau vu Beréierungsängscht
- Brainstorming, Rollespiller, asw.

Um Schluss vun dësem ustrengende mee léierräichen Dag si mer mam gudde Gefill heem gaang, fir di nächst Noutfallsituatioun gerëscht ze sinn.



Ee grouse Merci fir d'Gelénge vun dësem Dag geet un d'Gemeng Useldeng, d'Administration des services de secours, de Marc Portzen, instructeur en chef adjoint, d'Marguerite Schmit an d'Jessica Schwartz, instructrices en secourisme, den Théo Wooning, opérateur vum 112, de Louis de Lima, chef vum Centre de Secours Rédange/Attert, de Romain Thiel, chef vum Centre de Secours Rédange/Attert adjoint, d'Ambulancier vum Réidener Zenter mat der Ënnerstëtzung vun de Pompjéeskollegen aus der Gemeng Useldeng.



*Méi Fotoe vun eisen Aktivitéite fannt Dir wéi gewinnt um
Internetsite vun der Useldenger Schoul op
www.useldeng.net. ■*

Extrait du registre aux délibérations du conseil communal de la commune d'Useldange

École

Le conseil communal approuve 6 contrats de louage de service à durée déterminée pour chargé(e)s de cours pour le remplacement dans l'enseignement précoce, préscolaire ou primaire.

Un congé pour travail à mi-temps de 4 années a été accordé à Madame Fabienne Frank-Mertens à partir de l'année scolaire 2008/2009.

Maison Relais

Le conseil communal adapte les tarifs horaires à payer aux chargés de cours qui assurent les aides aux devoirs à domicile.

Urbanisation - PAP

Le conseil approuve provisoirement le projet d'aménagement particulier pour l'aménagement d'un nouveau hall avec bureaux, des aires de stockage, des emplacements de stationnement, une station de lavage pour véhicules utilitaires et une pompe à carburant le long de la rue Rinnheck au lieu-dit « Auf den Gärten » à Schandel.

Environnement et protection de la nature

Le conseil approuve le contrat passé entre Monsieur Pierre Barnig de Rippweiler et le collègue échevinal pour la mise à disposition d'un emplacement surveillé pour la collecte des déchets verts de la commune d'Useldange. Les habitants de la commune pourront profiter de ce service pendant les mêmes heures et sous les mêmes conditions d'ouverture que les années précédentes.

Le conseil communal décide d'adhérer au « Réseau luxembourgeois des Zones sans OGM ». Par cette décision la commune se déclare prête à ne pas planter ou utiliser d'organismes génétiquement modifiés, en particulier des

semences et des plantes génétiquement modifiées, sur l'ensemble des terrains lui appartenant.

Par ailleurs, la commune devra s'assurer que les établissements et services sous sa tutelle (école, maison relais, services sociaux etc.) excluent, lors de l'achat de denrées alimentaires et tout autre contrat passé par ces derniers, les aliments étiquetés comme contenant ou ayant été fabriqués à partir d'OGM.

Finalement, la commune incitera les agriculteurs présents sur son territoire à renoncer volontairement aux OGM dans leurs champs.

Approbation de plusieurs projets et devis / Procès verbal de réception

Le conseil a approuvé les projets et devis suivants :

- Mise en état du chemin rural au lieu-dit « Friekbësch » à Everlange pour un montant total de 47.000 €.
- Entretien ordinaire de la voirie rurale sur le territoire de la commune d'Useldange pour l'exercice 2008 pour un montant total de 28.000 €.
- Enlèvement des dépôts près de la section d'écoulement des ponts enjambant l'Attert à Everlange et à Useldange pour un montant total de 6.250 €.

Le procès-verbal de réception relatif à l'enduisage du chemin rural au lieu-dit « Tieler » à Schandel, au montant total de 63.079,36 €, a été approuvé par le conseil communal.

Vente de terrains

Le conseil donne son accord de principe pour vendre un terrain sis rue de Buschdorf à Useldange devant l'ancienne maison de garde-barrière. Cette vente est à considérer dans le contexte d'un projet d'aménagement particulier à réaliser entre la rue de Buschdorf et la rue de la Gare.

Logements sociaux : Décision de principe

Le conseil donne son accord au collège échevinal d'évaluer la possibilité et de réaliser une étude de faisabilité en vue de la création de logements sociaux dans l'un ou l'autre bâtiment appartenant à la commune.

Commission des loyers

Suite à l'entrée en vigueur du règlement grand-ducal du 19 février 2008 déterminant la zone de compétence territoriale et le siège des commissions de loyers instituées pour l'ensemble des communes de moins de 6.000 habitants, le mandat des membres de la commission des loyers de la commune d'Useldange a expiré de plein droit au 1^{er} avril 2008. Dès à présent, la commune d'Useldange est rattachée à la commission des loyers du canton de Redange.

Vu que la commune d'Useldange peut présenter des candidats pour le poste d'assesseur ou d'assesseur suppléant de la commission des loyers du canton de Redange, un appel aux candidatures a été lancé. Comme aucune candidature n'a été présentée à l'administration communale, le conseil ne peut constater que la commune d'Useldange n'a pas de candidat à proposer.

Syndicats

Dans sa séance du 15 novembre 2007, le comité de la DEA a décidé de demander, pour l'exercice 2008, un apport en capital de 1.000.000 € auprès des communes membres. Suivant la loi syndicale du 23 février 2001, les communes peuvent décider s'ils préfèrent payer leur quote-part par paiement unique ou s'ils préfèrent le remboursement étalé sur plusieurs années en participant à un emprunt.

Le conseil confirme sa décision de principe prise lors de l'établissement du budget, à savoir, le paiement d'un tiers de la somme demandée par versement unique et de participer, pour le solde, à l'emprunt à réaliser par le syndicat. ■

Avis au public

Urbanisme

Conformément aux dispositions de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, il est porté à la connaissance du public qu'en date du 18 avril 2008, réf. : 15580-109C, le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du territoire a approuvé la délibération du 15 février 2008 du conseil communal portant approbation provisoire du projet d'aménagement particulier au lieu-dit « Auf den Gärten » à Schandel, présenté par le bureau d'études RE-Design de Winseler pour le compte de M. Jos Kaufmann domicilié à L-8620 Schandel, 10, Rinnheck et concernant des fonds sis commune d'Useldange, section A de Schandel, au lieu-dit « Auf den Gärten », partie du numéro cadastral 163/1611, partie du numéro cadastral 149/1696, numéro cadastral 149/1695 et numéro cadastral 149/1638.

Useldange, le 09 mai 2008.

Le collège des bourgmestre et échevins.

20 Joer Paschtouer Mathieu Janssen an eisen Dierfer

Ried vum Marthe Boudler bei Geleeënheet vun der Feier fir 20 Joer vum Paschtouer Janssen an eisen Dierfer



[Foto: Claude Bach]

Här Paschtouer, Här Dechen, Dir Häre Geeschtlech, Här Buergermeeschter mat Ärem Schäffen- a Gemengerot, Här Député Maire vu Biekerech, Här Éierebuergermeeschter, léif Memberen aus de Parréit, léif Membere vun de Kiercheréit aus dem Parverband Biekerech-Useldeng, léif Verrieder vun de Veräiner aus der Gemeng, léif Famillje vum Här Janssen, léif Leit alleguer. Fir d'éischt wëll ech den Här Raymond Biren, Buergermeeschter vun Arel entschëllegen, deen haut nit ka bei eis sinn, well hie verhënnert ass, wat him immens leed deet. Entschëllege wëll ech och nach den Här Dechen Hardt, den Här Regionaldeche Weis, den Här Paschtouer Gresch aus dem Parverband Grosbous souwéi eise Schäfte Marc Hansen, dee schaffe muss.

Mir sinn haut hei an der Kierch zesumme komm fir eisem Här Paschtouer Mathieu Janssen säin 20-järgt priisterlicht Schaffen an eisen Dierfer ze feieren. Ech wëll versichen an e puer Minutten eisem Här säi Curriculum Vitae Revue passéieren ze loossen. Dat wäert nit sou einfach sinn, well

eisen Här huet dach e beweegtent Liewen. De 6. Dezember 1947 gouft Dir als 10. vun 11 Kanner zu Peer an der Belsch, wat un der hollänischer Grenz läit, gebuer. Do hutt Dir och Är Primärschoul gemaach. Duerno sidd Dir op Meldert an de Kolléisch gaang an deen huet geheescht, wéi kéint et anescht sinn, les Aumôniers du Travail. Do hutt Dir lech dann 1966 mat grad 18 Joer decidéiert fir an d'Klouschter ze goen an Dir hutt zu Louvain Äert Noviziat gemaach. Duerno hutt Dir vun 1967-1969 am Centre pour Etudes ecclésiastiques zu Louvain och nach Philosophie studéiert. 1969 wollt Dir dunn an de Kongo goen, wou Dir och e Klouschter hutt, fir do d'Sprooch vum Land, Swaheli, an d'Gewunnechte vun de Leit besser kennen ze léieren ; déi waren awer bestëmmt wäit ewech vun de Gewunnechten zu Arel an zu Useldeng, mee dat Land huet lech schonn ëmmer fasziniéiert an Dir waart do vun 1969 bis 1973. Dir hutt zu Lubumbashi am Grand Séminaire Theologie studéiert vun 1969-1973. Den 9. September 1972 gouft Dir zu Kipushi vum Monseigneur Khabanga, dee mir schonn 2 Mol an eiser Mëtt begrësse konnten, zum Priester geweit an Dir gouft do Aumônier an der Brousse. Dat ware kleng Dierfer wou Dir lech mat enger Volkswonscamionette duerch Déck an Dënn weider beweegt hutt. 1973 koumt Dir zrëck an d'Belsch. Den 29. Juli 1973 hutt Dir dunn Är Primiz dohem zu Peer gefeiert. Vun 1973-1977 waart Dir Professer fir Religion a Latäin zu Arel am Lycée vun den Aumôniers du Travail. Vun 1973 bis 1988 waart Dir och nach Aumônier vum Prisong zu Arel. Niewebäi hutt Dir lech och nach ëm de Service social vun der Schoul bekëmmert. Ech mengen, Dir hutt Erausforderunge gesicht an och font, well Dir hutt lech jo vill misse mat deenen anere Leit hire Problemer beschäftegen. Langeweil ass e Wuert, dat Dir bestëmmt nit kennt. 1977 gouft Dir Directeur et Administrateur délégué de l'école zu Arel. 1984 gouft Dir „Inspecteur de religion et de philosophie dans les écoles des Aumôniers du Travail“. Sou kënnt et, dass Dir ënnerwee sidd vun enger Schoul an déi aner an Dir hutt dären uechter d'ganz Welt. An der Wallonie sidd Dir 5 Mol vertrueden an a Flandern 2 mol. An Afrika sidd Dir 5 Mol a Schoulen, d.h. Primärschoul a Kolléisch präsent an och nach a Brasilien.

Wéi den Zoufall et sou wëllt, sidd Dir Enn 1987 vun enger befrënttener Koppel gefrot gi fir si zu Stengefort ze bestueden. Do sidd Dir dunn dem Här Hardt begéint, et war de leschte Samsdeg vum Här Hardt als Paschtouer zu Stengefort, well hie war als Dechen op Osper ernannt

ginn. Well hien awer sou vill Aarbicht an deem Dekanat hat, huet hien lech gefrot fir him mol heiansdo auszehëllefen an sou ass aus Ärer Aushëllef eng grouss Frëndschaft entstanden.

Ufanks Januar 1988 hat Useldeng kee Paschtouer méi. Den Här Mossong vu Biissen huet Useldeng matverwalt, den Här Dechen Hardt war zu där Zäit och nach Paschtouer vun leverleng. Hien huet lech du gefrot fir alt mol ze hëllefen, wann Nout um Mann wär, Dir gouft de Kaploun vum Här Mossong an sou hutt Dir alt mol hei zu Useldeng, zu leverleng, zu Rippweiler oder zu Biissen Mass gehalen. Zu Useldeng hutt Dir déi éischt Mass den 21. Februar 1988 gefeiert, an den 8. Mäerz sidd Dir dann offiziell Paschtouer fir d'Par Useldeng/Rippweiler genannt ginn. 1993 waart Dir och nach offiziell zum Paschtouer vu Biekerich ginn. Mee dat war vu kuerzer Dauer, just 3 Deeg laang. Well do koum dunn den Här Terzer aus Frankräich zréck op Lëtzebuerg an si haten op eemol e Paschtouer ze vill, dat kann een sech jo haut bal nit méi virstellen. Den Här Terzer gouf dunn awer Paschtouer vu Biekerich.

Mee d'Zäit vergeet an Dir sidd elo säit 20 Joer bei eis an der Par Useldeng-Rippweiler, a vu September 1994 sidd Dir och nach Paschtouer vun der Par leverleng-Schandel, sou sidd Dir elo eise Gemengepaschtouer. Vill schéin a manner schéi Stonnen hutt Dir scho mat eis verbruecht.

Virun 2 Joer sidd Dir mam Paul Alexandre, deen ären Econome général ass an deen eis hei zu Useldeng keen Onbekannt ass, an de Kongo geflunn, an Äert Klouschter op Kipushi, wat am Süden vun Afrika läit, am Südkatanga. Dem Paul säi Projet, Muzeray, le village des crèches, kenne mir all. Am Dezember 2005 hate mir d'Éier an d'Freed, d'Krëppcherausstellung op Useldeng ze kréien, wat ganz flott war an deem herrliche Kader ronderëm d'Buerg. Dir hutt am Kongo vill Misär gesinn, an dunn ass lech d'Iddi komm fir deenen Äermste vun den Aarmen ze hëllefen ; duerch eng finanziell Hëllef vun Ärem Uerden ass dunn de Projet lancéiert ginn, deen den Numm dréit „Un jardin pour tous“.

No der Mass si mir all invitéiert an de Centre Culturel, wou de Paul eis da mat Diaen en Abléck gëtt iwwert Äert Wierken. Well den Här Paschtouer kee Cadeau wëllt, hu mir decidéiert mat Hëllef vun de Veräiner aus der Gemeng, déi sech all spontan bereet erkläert hunn, dëse Projet finanziell z'ënnerstëtzen. Mir hunn dësem Projet awer och en Numm ginn, Espoir, well wéi heescht et sou schéin, d'Hoffnung stierft fir d'Lescht. Villmools Merci un lech alleguerten, och den Affer vun haut ass dofir bestëmmt.

Ech wëll awer och nach dem Här Buergermeeschter a sengem Schäffen- a Gemengerot e grouse Merci soe fir den Éierewäin, dee mir no der Séance académique am

Centre Culturel zervéiert kréien an op deen Dir all invitéiert sidd.

Permettez-moi de dire quelques mots en français à nos invités francophones. Nous avons l'honneur d'accueillir parmi nous les confrères belges de Monsieur le curé Janssen ainsi que l'échevin de Muzeray, M. Claude Servais.

Par votre présence, vous témoignez votre sympathie et votre amitié pour notre convive d'honneur. Nous vous remercions d'avoir accepté notre invitation et nous espérons que vous nous prêterez encore longtemps notre cher Mathieu.

Här Paschtouer, och wann Dir säit dem Dezember vum leschten Joer am Pensiounsalter sidd, soll dat awer nach laang nit heeschen, dass Dir déi elo untrieden musst. Dir sidd nach sou fit a mir wëllen lech nach laang an eiser Métt.

Wéi Dir weesst, wëllt den Här Paschtouer kee Cadeau. Mir respektéieren säi Wonsch, mee mir géifen eis trotzdeem erlaben, him e puer Blummen z'iwerréichen, fir eis Sympathien esou zum Ausdröck ze bréngen.

E grouse Merci geet och nach op den Duxall un eis Chorale réunie énnert der Direktioun vum Fernand Even a mam Carlo Philippe op der Uergel. Et ass jo awer flott, wa mir mol eng grouse Feier an der Gemeng hunn, fir mat de Choralë vun leverleng a Rippweiler zesummen ze sangen. Wéi ass de Slogan: „Zesumme si mir staark“.

E weidere Merci un d'Museken an d'Pompjeeën aus der Gemeng, déi och ëmmer Jo soen, wa mir un si eruntrieden. Merci fir de musikaleschen Encadrement an de sécheren Aflaf vum Cortège. Merci un d'Press an och un de Claude Bach an de Romain Thiel fir de Photoreportage respektiv d'Filmen.

An dann, last but not least, villmools Merci dem Olga: hatt mécht sech eng grouse Freed an Éier doraus, eis Kierch ëmmer sou schéin ze rëschten. Ech mengen, dat ass dir Olga haut awer och rëm extra gutt gelongen.

Eis alleguer wënschen ech elo eng besënnlech Stonn hei an der Kierch an duerno e flott Zesummesinn am Centre Culturel. Villmools Merci. ■

Espoir 2008

Anlehnend an die Feierlichkeiten zu Ehren von Herrn Pfarrer Mathieu Janssen, möchten wir das Projekt „Espoir 2008“ an dieser Stelle nochmals vorstellen. Es handelt sich dabei um ein Gemeinschaftsprojekt der Vereine der Gemeinde Useldingen, mit der Unterstützung unserer Mitbürger und unter Koordination des Syndicat d'Initiative, gedacht als Anerkennung für die von Herrn Janssen geleisteten Dienste in unseren Pfarreien. Mit diesem Geschenk wollen wir uns aktiv an der Verwirklichung verschiedener Hilfsprojekte in der Republik Kongo, ausgeführt vom Orden „Aumôniers du Travail“, dem Herr Janssen angehört, beteiligen.

Bei „Aumôniers du Travail“ handelt sich um einen religiösen Orden, der seit 1947 in der Provinz Katanga, in der Republik Kongo, anerkannt wird und aktiv ist. Die Zielsetzung hierbei ist es das Los der Armen zu verbessern, sowohl materiell wie geistig, durch Unterstützung beim Erlernen eines Handwerks oder einer technischen Ausbildung. Auf diese Weise soll erreicht werden, den Einwohnern Kimbembe's, vor den Toren Lubumbashi's (ehemals Elizabethville) gelegen, die Möglichkeit zu geben sich selbst zu entfalten und zu ernähren, und damit eine gewisse Selbstständigkeit zu erlangen.

Was ist nun unser Projekt „Espoir 2008“? Es ist dies ein Gesamtprojekt, bestehend aus verschiedenen Programmen, wobei wir uns für die Programme „Atelier de couture“, „Dispensaire“ und „Ecole maternelle“ entschieden haben. Je nach Erfolg und Resonanz unseres Unterfangens werden wir eines dieser Programme unterstützen, resp. uns an allen Programmen beteiligen. Dies soll in Form von Beschaffung von Geräten oder als Material zur Ausstattung betreffender Gebäude und Räumlichkeiten geschehen. Beim „Atelier de couture“ sind Arbeitsgeräte geplant die es den Näherinnen erlauben werden ihren eigenen Handel aufzubauen.

Der Gedanke ist einfach, über Herrn Janssen, direkt und nicht durch Zwischenschaltung irgendwelcher Institutionen, Hilfe zu leisten, und zwar dort, wo Hilfe gebraucht wird. Geplant ist dies über Spenden, sei es von Mitbürgern und Vereinen direkt, oder aber via etwaige Aktivitäten und Feierlichkeiten die zu diesem Zweck an einem späteren Zeitpunkt vorgesehen sind.

Es ist diesbezüglich besonders erfreulich mitzuteilen dass unser Projekt einen erfolgreichen Start verbuchen, und bereits eine grössere Summe einbringen konnte.

Ein herzliches Danke schön sei an dieser Stelle ausgedrückt an alle Mitbürger und Vereine, die das Projekt bisher schon unterstützt haben. All diejenigen, die sich noch mit einer Spende beteiligen möchten, können das über folgende Konten tun:

Kontonummer: „Don Espoir 2008“
BCEE: LU06 0019 4700 0106 3000
Syndicat d'Initiative, Useldeng

Kontonummer von Herrn Pfarrer Janssen:
„Don Espoir 2008“
CCPL: LU31 1111 1094 8670 0000
Abbé Mathieu Janssen, Useldange

Selbstverständlich werden wir sie über den weiteren Ablauf des Projekts „Espoir 2008“ informieren und möchten uns schon jetzt für jegliche Hilfe und Unterstützung bedanken. ■

3. Ouschtermaart organiséiert vun der Harmonie Useldeng

Text: Guy Reichert



E Sonndeg, den 9. März 2008 war et déi 3. Kéier wou den Ouschtermaart stattfonnt huet. Verschidde Stänn mat Ouschterartikelen esou wéi och Stänn mat Tiffany, Wäin an Hunneg ware vun 11.00 Auer un am Centre Culturel präsent.

Um 11.30 Auer gouf et Aperó. Duerno géint 12.45 Auer goufen dunn déi verschidde Menue vun de jonke Meedercher vun der Useldenger Harmonie zerwéiert: Fëschpaschtéit mat Räis an Zalot a Geschnetzeltés mat Räis oder Fritten an Zalot. Alles war zoubereet gi vun de Dammen an Häre vun der Kachequipe vun der Harmonie Useldeng.

Nom lessen, um 14.00 Auer huet d'lewerlenger Musek ee Concert zum Beschte ginn. Um 15.30 Auer goufen si afgeléist vun den Elwenter Heedbléiser, déi bis zum Schluss gespillt hunn.

Am Laf vum Nomëtteg gouf et natierlech Kaffi, Kuch an Eisekuchen. An de verschidde Pausen gouf d'Tombola verkaaft a verloust.

Dëst Joer war den Ouschtermaart bedauerlecherweis nit esou besicht wéi dat nach d'lescht Joer war. Vläch haten déi vill Manifestatiounen an der Ëmgéigend e bëssche mat Schold drun (d'Geschäfte haten op dësem Dag).

Op alle Fall seet d'Harmonie Useldeng all de Leit villmools Merci déi dozou bäigedroen hunn, datt dësen 3. Ouschtermaart esou gutt gelonge war. ■

Musikalische Highlights der Spitzenklasse

Text: Charles Reiser

Galakonzert der „Fanfare Ste. Cécile Ieverleng“ fand großen Anklang

Wenn der vor einigen Monaten all zu früh verstorbene Präsident Jos Schmit der „Ieverlenger Musik“ diese Melodien noch mit zu Ohren bekommen hätte, wäre er bestimmt ganz überrascht gewesen. Doch leider war sein Leben viel zu kurz und aus diesem Grunde war das diesjährige Galakonzert am Wochenende im dichtgefüllten

Festsaal in Everlingen allein dem langjährigen und geschätzten Vorsitzenden Jos Schmit gewidmet. Um bei diesem Event auch ihre Ehre zu erweisen waren neben Ehrenbürgermeister Nic Anzia auch Bürgermeister Pollo Bodem samt Gemeinderat anwesend. Mit teils mitreißenden und bekannten Melodien aus den 60er und 80er Jahren wusste Dirigent Gast Sadler seine 35 Musikanten der „Fanfare Ste. Cécile Everlingen“ den Zuhörern ein buntgemischtes Musikprogramm zu bieten. Unter den Highlights waren u.a. „Happy Together“ The Eagles in Concert“, „Abba- Hits“ Boney M. Superhits sowie „Flower Power“ zu hören. Ebenso intensiv und rythmisch ging es weiter im zweiten Teil mit „Selection from a hard days night“, „Bee Gees Revival“, Simon Garfunkel greatest hits“ und mit Auszügen aus „God save the Queen“ führte Gast Sadler seine Musikanten ins Finale. Doch bei der

Aufführung „a whiter shade of Pale“ war das musikalische Talent der beiden Solisten Véronique Sadler und Fernand Even nicht zu überhören. Nach dem lang anhaltenden Applaus wurden die Zuhörer mit den beiden Zugaben „Hey Jude“, und „YMCA“ so richtig zum Mitsingen verführt.

Im Verlauf dieses Abends überreichte Bürgermeister Pollo Bodem die „médaille en or avec palmettes“ der UGDA für 40 Jahre Engagement die dem verstorbenen Präsidenten Jos Schmit gegönnt war, an seine Schwester Tilla Feyen-Schmit überreicht. Ferner dankte der Bürgermeister allen Musikanten mit ihrem Chef für die ausgezeichneten Darbietungen dieses Galakonzertes und unterstrich dass die „Ieverlenger Musik“ unter ihrer neuen Vorsitzenden Marianne Heitz-Kugener und zugleich Moderatorin dieses Abends für die Zukunft auch bestens geführt sei. Diese bedankte sich zum Schluss bei allen Gönnern und Sympathisanten für deren Unterstützung. ■



[Foto: Charles Reiser]

Useldeng huet bougéiert...

Text: Léon Gregorius

... och dëst Joer erëm beim *Relais pour la vie*, deen den 12. an 13. Abrëll 2008 vun der „Fondation luxembourgeoise contre le cancer“ an der Coque um Kierchberg organiséiert gi war.

Et goug dorëms fir als Equipe vu 15 bis 30 LEEFER an enger Staffel während 12 Stonnen als „Classic Team“, respektiv während 24 Stonnen als „Master Team“ bannen an der Arena vun der Coque Ronnen ze lafen oder och emol e bësschen ze goen. Et war e grouse Familljen- a Gesondheetsdag mat vill Animatioun an Infostänn als Manifestatioun géint de Kriibs an aus Solidaritéit mat eise kriibskranke Matbierger.

Dëst Joer stoug de *Relais pour la vie* besonnesch am Zeeche vum Daarmkriibs.

D'Gemeng Useldeng ass mat enger Equipe als „Classic Team“ während 12 Stonne matgelaf.

All hallef bis eng Stonn hunn ofwiesselnd déi eenzel LEEFER hir Ronne gedréint, esou dass de ganzen Dag iwwe an der Coque Useldeng bougéiert huet. D'Organisatioun vun eiser Equipe ass vun der Sportskommissioun ausgang. Datt mir an eise flotten T-shirten eng stramm Mannschaft waren an dobäi eis Gemeng gutt vertraueden hunn, kann een hei op dese Biller gesinn. ■



[Foto: Léon Gregorius]



[Foto: Léon Gregorius]



[Foto: Léon Gregorius]

Kommunion 2008





[Foto: Charles Reiser]

Ein wichtiger Beitrag zur Dorfkultur

Text: Charles Reiser

Ausstellung „Commune-Art“ im Kulturzentrum in Useldingen

Nach dem beachtlichen Erfolg des vergangenen Jahres, veranstaltete die Kulturkommission in Zusammenarbeit mit der Gemeindeverwaltung und den lokalen Künstlern am vergangenen Wochenende erneut eine Ausstellung unter dem Thema „Commune-Art 2008“ in Useldingen. Bedient durch die gute Resonanz und der ausgezeichneten Ambiente bei der ersten Auflage im Jahre 2007 zeigte sich der Vorsitzende der Kulturkommission auch ganz zufrieden und war anlässlich der Vernissagefeier im Useldinger Kulturzentrum ebenso angenehm überrascht über die hervorragenden und kreativen Kunstwerke, die von den lokalen Hobbykünstlern in ihrer Freizeit und mit viel Liebe bei der diesjährigen Auflage gestaltet wurden. Erfreulich sei jedoch dass sich die Zahl der Aussteller von zehn im vergangenen Jahr auf insgesamt 21 Teilnehmer dieses Jahr mehr als verdoppeln konnte. Nach seinen Dankesworten an alle Künstler und Helfer unterstrich Bürgermeister Pollo Bodem in seiner Eröffnungsansprache dass im Laufe der nationalen Geschichte die artistische geprägte Landschaft von Luxemburg wahrscheinlich

